

JOURNEE E.D.F. 10. SEPTEMBER 1995

Här Chamberpräsidient,

Här Staatsminister,

Här Erzbischof .....

Här Frau Rektor .....

Minister

Léif Familjen, Frénn a Sympatisaten vun den enrëslés de force.

Dir Dammen an dir Hären,

Léif Kommerodinnen a Kommeroden,

D'lëscht Joer, Ufanks September, hu mir am ganze Land, an enger Réi vu Gedenkfeieren, mam 50sten Anniversaire, un d'Befreiung vun onsem Land errönnert. Et ware frô a glécklech Dég wéi virun 50 Joer, no 4 Joer a 4 Méint d'preisesch Okkupatioun an den Nazi-Terror fir ons Heemecht eriwer waren. Fotoen a Berichter an allen Zeitungen a Revuen, *Radio am Telefonisum* hun ons Éier nés virun A'e gefoert wéi iwerschwänglech glécklech a begëschtert mir, déi Ennerdréckten, d'allieiert Zaldoten, de Prénz Félix an de Prénz Jean empfangen hun. Awer och déi Jënger Generatiounen vun haut konnte sëch fleit éng Viirstellung vun der Fréd maachen wa sie sëch dës Fotoen *biller* pugekuckt hun.

Awer och un Trauer ass erönnert gin, vun déne ville Familjen bei dénen nach én oder der mé gefeelt hun an nach an de Kralle vum Ennerdrécker waren. Och fir ons, d'Generatioun vun den Zwangsrekrutéierten war d'Fréd nüt komplett. En Déel vun de Refraktären waren heiheem a konnten mat *Par laissé an jor où di grénden bil vun der kultig leizou föddeling endeser, waarsch wi jippe feieren.* Aner Refraktären waren nach an den Nopeschlänner oder bei den alliéierten Armé'en. Mä ronn 7.500 vun dénen 12.000 enrëslés de force hun nach hei heem gefeelt. 800 waren zou désem Zeitpunkt gefall oder vermësst. *Obni des dei heilem sat wosster.* D' Aner schon a Gefangelager, *oder vermisst.*

*X pelde ander wuer* Ofgeschnidde vun der Heemecht, genau wéi d'KZler, an d'Emgesiddelt.

Keng Norichten vun doheem oder esouquer schlechter oder falscher. Aus de Wehrmachtsbericht hu sie iwert d'Rundstettöffensiv héeren, a wé konnt et anescht sin, *durch* découragéiert, déi opgebauschten Erfolgsmeldungen vun der

No der éischter Begeschterung iwert Befreiung hun déi hérihem séch vun Däg zou Däg méi grouss Suerge gemat ém déi, déi nach fort waren.

Den 23. September 1944 kum ons exil Regierung zeréck op Lëtzebuerg!

All ze vill Begeschterung gouf dëse Ministeren nät entgéngt bruecht. Sie ware weit vum Schoss a waren nät derbei wéi d'Vollek gelidden a gepéngeacht gouf. Mä, mir hun awer gehofft, dass mat de Relatiounen déi sie a méi wé 4 Joer, Zeit haten, dës seit dem grousse Full opzebauen, künnten aktif a schnell hellefen déi Feelend heem ze huelen.

Déem war awer nät esou!

Sie hun emol fir d'éischte u séch geduecht. Hir Positiounen ze festegen besonnesch vis-à-vis vun der "Unioùn" an de Resistenzorganisatiounen.

E regelrechte Machtkampf ensteet téschend dësen 2 Gruppen. Esou schreiwt d'"Unioùn" den 2ten Dezember 1944 :

"Neischt fir ongutt, dir Hären, mä doeranner dierft dir iwerhapt nät matschwätzen. Dir wësst nät wät hei lass war."

A während dësem politeschem Gerängel a Gestreits ém Ministerposten gëtt neischt oder nät genuch énnerholl fir ons KZler, Engesiedelt an d'Zwangskräutierert heem ze huelen.

Doduerch entsteet d'Ligue "Ons Jongen" an d'Eltereveeengong.

*Rapatriement*

D'Ligue "Ons Jongen" organiséiert hirer éigenen Rapatriement-Service.

*an individual*  
D'Membere Elterebewegung muss perséinlech/Démarchen énnerhuelen fir no hire Jongen ze sichen.

Och ons éischte schwéier Krichsmutilleiert müssen duerch privat Initiative an d'Ausland bruecht gin, wéll ons Dokteren a Spidäler keng Erfahrung an nät equipei'ert sinn fir fachmännesch ze hellefen.

D'accord, dass et fir ons Regierungsleit nät liicht war fir lëtzebuergesch Interessen virun alliéiert Militärinteressen ze setzen.

De Krich war nach nät eriwer ! Deitschland hat nach nät kapituléiert !

Wéi gesot: Am platz séch aktif ém de Rapatriement vun hire Landsleit ze këmmeren a sech dofir anzesetzen, gëtt all Zeit an Efforen, fanatesch a prioritär ém politesch Positiounen a Ministeschposten verpolfert.

Aus den Fai' en, Tatsaachen a Schlussfolgerungen muss ém umhuelen, dass d' Exil-Regierungséquip drop aus war, fir d' KZler. Déportéiert a virun allem d' Zwangsrekrutéiert némmen lues a lues nés zeréck an d' Heemecht kommen zellossen; oder, sie nach esou lang dobaussen ~~zellossen~~<sup>lalen</sup> bis hir Positionen genügend gefestegt waren.

An der Belsch ~~huet~~ d' Exil-Regierung Pierlot direkt démissionéiert wéi sie heem kum. A Frankreich war en néie Mann un der Spëtz: De Générol De Gaulle. Awer bei eis sinn déi 4 Ministeren nüt gewach. Au contraire! politesch ~~vil~~ méi raffinéiert wéi führend Leit vun der "Uniooun" gouf en integere Mann wéi de Pierre Frieden aus der Resistenz eraus gespréngt an an d' Regierung geholl. Esou och ~~de~~ Robert Als - ~~de~~ Guillaume Konstbrück an ~~se~~ Fachman Jos Schroeder fir d' Rekonstruktioun, krute Ministeresch Posten. D' "Uniooun's" Leit goufen mat Plätzchen an der Assemblée Consultatif getréscht, immobiliséiert an haten neischt méi ze ~~seen~~<sup>bestömmern</sup>. A während all déise Méint sin verschlüeften an nüt rapatriéiert Lëtzebuiger wieder an der Friemt gestuewen. An den KZter, de Prisonen, der Emsiddlung an an de Gefangelageren.

Vum 10te September 1944 un, bis Krichsenn respektif bis de Lëschte rapatriéiert war, sin nach 2.200 Zwangsrekrutéiert gefäll, vermöset oder gestuerwen. Am Eis a Schnéi a Russland, Honger a Wüt am Bauch. Déi Säit vun der Oder an der Neiss. A Lazaretten, a Gefangenelageren; hennert pickégem Drécht, physesch a psychesch krank. Zou Tambow, op Rhodos, an Afrika, a Frankreich an an England.

De Générol Petit ass d' Elsässer an d' Lotrénger op Tambow siche gangan. Awer onse Minister Blum zou Moskau kënnt nüt a d' Lager 188.

Wann enroblés aus der Friemd heem kummen, da méschtens op égen Initiatif, als Franzuski oder matt allerhand Tricken, Risiken a Courage.

Awer vun doheem kumm nüt vill Hölléf vun offizieller Regierungssäit.

An ét kann nüt behapt gin dass onser démolegen Aussenminister Bech nüt vu verschiedenen offiziellen an inoffiziellen Säiten Informatiouenen iwert den Openthalte vun Zwangsrekrutéierten an der Friemd ~~zougedroe~~<sup>kont  
goufen</sup>.

Huele mer ~~zumachen~~ als Beispill: d' ennoblés déi op den Inselen Rhodos, Leos, Kréta ronderem Aegypten sutzen, also nüt a Russland, wéi den Etten Maide Krich eriwer war. Bis den 23ten Februar 1946 huet ét gedauert bis des Lëtzebuerger op égen Initiative, vun Aegypten aus, iwert England Bréissel no Lëtzebuerg zeréck kummen, an dëst trotzdem d'Regierong wosst dass se do waren.

Wieder Nodeem ons Grand-Duchesse de 14ten Abrëll 1945 erën heiheem war, biedelt d'"Union" de 24. Abrëll: "Madame schénkt ons eng nei Regierong" an d' Elterenvereenegung freet an énger Audienz: "Madame hëlfte ons "Ons Jongen" aus Russland heem ze huelen".

Wa mir haut 51 Joer no dësen Ereignisse, dëst nach eng Ké"er énnerrstreichen, dann nüt aus Racune oder Béisswëllekeet. Mä mir dierfen ~~anver~~ Fait'en an Tatzaachen nüt vergiessen/<sup>an</sup> rezent Geschicht nüt ~~zu~~ <sup>mit</sup> aprichteg duerstellen. Et ass ons Verpflichtung onse Kanner a Kanneskanner ze soen wat déemols lass war. A wa mir haut un ons onglecklech Kommerodinnen a Kommeroden zeréckdenken, da muss é sach froen, ob déen éen oder aneren nüt dach nach hätt <sup>kämpfer</sup> gerett ~~kämpfe~~ gin. Hun tatsächlech zou Tambow a Kirsanow an um Heemtransport <sup>nach</sup> 217 Jonge misse stierwen? An der nodeem sie d'Front iwerliwt haten an an alliéerten Hänn waren? War ét némmen eng lichtsenneg <sup>gefästen</sup> Opfuerderong vun ~~der~~ Exil-Ministeren iwert d' BBC "Jonge läft iwer" <sup>gerufft</sup> gouni dass virdrun oder iwerhapt entspriedend Accor<sup>t</sup>en mat den Alliéerten Militärautoriteiten getraff waren?

Am Krich hu mir all zesummen gehälen géngt den Ennerdrécker, de gemeinsame Feind. Awer esoubal d' Freiheit erën do war, war och de Streit an d' Nétvergonnen énnert de Lëtzebuerger née do. Esou rumreich och onst Verhaalen während de 4 Joer vun der Naziherrschaft war, esou onrumreich waren d' Zeiten done.

Haut, méi wéi 50 Joer done huet ons Generatioun, d'Generatioun vun de  
~~Sacrifice~~<sup>en</sup> ~~de~~<sup>5</sup> fréieren  
neischt méi ze bestömmen. Awer ons Aufgab war a bleiwt, ze  
warnen an oprichteg ze informéieren ! A wa mir ons an der Welt ronderëm  
ons skucken, da kann ét ons, déne schon émol Geafferteren an Erfuerenen Angscht  
gin. Angscht dass déi Responsabel op nationalem an internationalem Plang  
allze lichtferteg d'Erregnësse um Balkan, am noen Osten fir dës 2  
Platzen némmastellvertriedend ze nennen, betruechten, genau wéi 1933,  
1939 an 1940 wéi ét ze spéid war.

Vill gudd Lëtzebuerger hu misse mutwöllech frézeitlech an den Doud goen.  
Losest mer némmen heffen a bidden, dass dëst nüt nach éne Kéier geschitt,  
an dat déi jetzeg a kommend Generatiounen mat aller Kraft matbeidroen,  
dat den Affe vun all dénen déi hirt Liewan fir ons Freiheit <sup>Onofhängeg-</sup>  
keet gin hun, an dénen déi mir haut gedenken, nüt émsoss war.